ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

A Lycéeën a Primärschoule goufe wéinst der aktueller sanitärer Situatioun all d'Ausflich a Reesen, besonnesch och d'"classes de neige", ofgesot. Well dës Ofso duerch den Här Minister awer fir vill Schüler an hir Eltere ganz kuerzfristeg an iwwerraschend koum, bleiwe Famillen, déi zum Deel vill Geld an dës Ausflich oder Studiereesen investéiert haten (z.B. Schi-Ausrüstung, Hotel, Fluchticket), lo op de Käschte sëtzen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister confirméieren, datt Elteren, déi am Virfeld vun esou Ausflich a Studiereesen Onkäschten op sech gelueden hunn, bei de betreffende Schoulen nogefrot hunn, ob si fir dës Onkäschten entschiedegt ginn? Ass an deem Zesummenhank eng Uweisung vum Ministère un d'Schoulen erausgaangen?
2) Hunn déi betreffend Elteren d'Méiglechkeet, beim Ministère eng Entschiedegung unzefroen? Wann net, wat réit den Här Minister an dësem Fall den Elteren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten